Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun & Gesondheet weiderzeleeden.

D'Zuehle u Covid-19-Infektiounen sinn de Moment erëm am Gaange mat klammen. War d'Inzidenz de 5te September nach bei 117 op 100'000 Awunner, waren et beim leschte Rapport vum 25ten September schonn 201 op 100'000 Awunner. 16,3% vun de Neiinfizéierten an der leschter Septemberwoch waren dann iwwer 60 Joer al.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi ass d'Situatioun momentan an den Alters- a Fleegeheemer? Wéi vill Léit sinn am Moment positiv op Covid-19 getest ginn (opgelëscht jee no Alters- respektiv Fleegeheem) ?
2. Wéi vill Prozent vun de Residente sinn dat an deene jeeweilege Strukturen?
3. Ginn et Alters- a Fleegeheemer, an deene verschidde Servicer, wéi zum Beispill d'Restauranten, virleefeg zougemaach goufen an deene leschten 8 Wochen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

GOERGEN Marc
Député